N°1320
Entrée le 04.11.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°1320 vum 9. Oktober 2024 vun den honorabelen Députéierten André Bauler an Luc Emering zum Sujet "Personnes disparues"**

**Fro 1: Wéi huet sech d'Zuel vun de Vermësstemeldungen a rezenter Vergaangenheet entwéckelt?**

D'Police stellt eng Hausse vun de Vermësstemeldungen fest.

Et ass ze bemierken, dass net all Vermësstemeldung ëffentlech gemaach gëtt. De Choix vun enger ëffentlecher Vermësstemeldung gëtt au cas par cas tëscht Police a Parquet gekuckt.

**Fro 2: Wat sinn déi verschidden Ursaachen, déi zu Vermësstemeldunge féieren?**

Bei den Ursaache muss tëschent den Erwuessenen an de Mannerjäreger ënnerscheet ginn.

Bei den Erwuessene sinn d'Grënn vum Verschwanne, déi zu Vermësstemeldunge féieren, gréisstendeels eng Suizid Gefor, eng Fuite aus dem Centre Hospitalier Neuro-Psychiatrique (CHNP), oder op Drogen zeréck ze féieren.

Bei Mannerjärege ginn déi meeschte Meldunge vu Foyeren gemaach. Meeschtens ass d'Ursaach, dass déi Jonk an dëse Strukture net zerechtkommen.

Vermësstemeldunge betreffend Kanner déi vun Doheem fortgelaf sinn, hu meeschtens familiär Konflikter als Ursaach.

**Fro 3: Wéi deelen sech d'Vermësstemeldunge, jee no Alter a Geschlecht op?**

Laut den interne Statistike vum Service de Police Judiciaire, deelen sech d'Vermësstemeldungen fir Joer 2024 follgendermoossen op :

| Mannerjäreger | | Erwuessener | |
|---|---|---|---|
| 0-12 Joer | 1% | 18-30 Joer | 26% |
| 13-15 Joer | 24% | 30-50 Joer | 52% |
| 16-18 Joer | 75% | 50+ Joer | 22% |
| Männlech | 37% | Männlech | 66% |
| Weiblech | 63% | Weiblech | 34% |

Lëtzebuerg, den 4. November 2024
Den Inneminister
(s.) Léon GLODEN